adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AOUT 2019
1086

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an Immigratiounsminister weiderzeleeden.

A villen europäesche Staaten gëtt well ganz kontrovers iwwer de Statutt vun deene Persounen diskutéiert, déi an Europa e Schutzstatus kritt hunn awer aus verschiddene Grënn fir kuerz Zäit an déi Länner zréck ginn aus deene se stamen. Vill vun hinnen, ginn esou guer eemol oder och méi dacks an hir Heemechtslänner an d'Vakanz.

Nach dëse Weekend huet den däitsche Banneminister Seehofer ugekënnegt, datt de Statutt vun deene Persounen géing nei gepréift ginn, well si jo net glafwierdeg kéinte behaapten an deene Länner verfollegt ze ginn an déi si fräiwëlleg zréck ginn.

An dem Zesummenhank wollt ech dem Här Baussen- an Immigratiounsminister dës Froe stellen:

1. Wéi kontrolléiert déi Lëtzebuerger Regierung ob Persounen déi zu Lëtzebuerg e Schutzstatut kruten, fräiwëlleg an déi Länner zréck ginn an deene si - hiren Aussoe no - géinge verfollegt ginn?

2. Wat geschitt mat deene Persounen, wann d'Regierung esou e Verhale feststellt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 août 2019

Objet : Question parlementaire n° 1086 du 20.08.2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Statut de réfugié

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés